

An deem Sënn nach eng Kéier begréisste mer dat an d'sozialistesche Partei stëmmt dat Gesetz.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Ech soen dem Här Castegnaro Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).**- Jo, Merci, Här President. Ech denken, allem, wat meng Kolleeg Virriedner gesot hunn, wëlle mer eis uschléissen a mir wëlle virun allem ënnersträichen, datt et hei séier gaangen ass an datt mir och dëst esou wollten hunn. Dofir hu mer eis a kuerzen Ofstänn och a Kommissiounen zesumme fonnt, fir dat hei kënne haut ofzestëmmen.

Déi gréng Fraktioun wäert selbstverständlech dëse Projet de loi och stëmmen, an der Hoffnung, datt mer dëse Projet de loi net laang wäerte brauchen.

Merci.

» **M. le Président.**- Ech soen der Madame Loschetter Merci. Dann hunn ech elo nach als Riedner agedroen den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).**- Merci, Här President. Ech mengen, och meng Sensibilitéit kann nëmmen dësem Projet zoustëmmen. Och wa mer, wéi schonn esou oft wat d'Beschäftigungsmesurë betrëfft, hannert dem Won lafen. Mir hätte laang kënne preventiv wierken, fir esou Problemer virauszegesinn.

Mir kennen d'Konjunktur. D'Konjunktur gëtt eis ëmmer erëm virun Ae gefouert, an duerfir war et elo wichteg, ganz schnell ze handelen, an ech mengen, et war och ganz wichteg, dass d'ganz Kommissioun intensiv sech domat beschäftegt huet an och intensiv hannert deem Projet do steet. Nëmme esou komme mer virun. Et geet fir d'Aarbechtsplazen ze erhalen, dat ass e wichtegen Objektiv. Ech géif mengen, dass mer zum Deel mat dësem Projet kënne derzou bäidroen, dass dat och esou geschitt.

» **M. le Président.**- Ech soen dann och dem Här Jaerling Merci an elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Enn Dezember haten de Wirtschaftsminister an den Aarbechtsminister eng Partie Betriber bei sech sëtzen, virun allem aus der Zouliwwerindustrie vun der Automobilindustrie, déi gesot hunn, dass et 2009 ganz schwiereg géif fir si ginn, well wärscheinlech keng Reprise 2009 ass, an ob mer net kéinte kucken, se méi staark ze ënnerstëtzen, fir dass si och kéinten hiert soziaalt Engagement, keng Leit ze entloossen, wouerhuelen.

Doropshin hu mer ganz séier e Gesetz ausgeschafft, an ech wëll dofir hei d'Geleeënheet benotzen, Ärer Chamber, virun allem Ärer Kommissioun grad wéi dem Statsrot och Merci ze soen, well Dir hutt alleguer versicht, séier Datumen ze fannen, déi net geplangt waren, fir dat Gesetz ze maachen.

Et ass extrem wichteg, notament fir déi dote Betriber, dass se wëssen, 2009 - an dat Gesetz spillt jo da vum 1. Januar 2009 un - kréie mer Hëllef a mir brauchen net ze entloossen. Well ech hiere jo dann ëmmer, grad wéi Dir och, um Radio: Hiobsbotschaft Kuerzaarbecht! Nun, wann e Betrib mir seet, ech muss Kuerzaarbecht maachen, dat ass keng gutt Noriicht fir den Aarbechtsminister, och keng gutt Noriicht fir d'Leit, déi do schaffen. Et ass allerdéngs keng Hiobsbotschaft.

Hiobsbotschaften huet den Aarbechtsminister awer all Dag. Dat sinn déi Betriber, déi Sozialpläng annonciéieren, an dat sinn déi vill Betriber, déi eenzel Leit entloossen. Hiobsbotschaft ass, wann d'Aarbechtsamt, wéi et dat gëschter nach gemaach huet, mer matdeelt, dass am Mount Dezember 2008 375 Leit méi Chômage kréien. Dat sinn

375 Leit, déi hate virun eng Schaff, déi hu se verluer. Déi sinn net aus puer Betriber komm, duerfir gëtt net vill iwwert déi geschwat. Mä dat sinn der awer 375, dat mécht ganz vill aus.

Dofir ass et esou wichteg, dass mer versichen, de Betriber ze hëllef, awer och se ze incitéiere fir net Leit ze entloossen. Dat ass virun allem am Industrieberäich extrem wichteg. Well wann eng Industrie bis fort ass, da kënnt se net méi erëm. Dat muss een ëmmer wëssen. Wann hei géif ofgebaut ginn an der Industrie, duerno geet et erëm besser, wann et erëm unzitt, dann ass déi Industrie definitiv fort. Dofir ass et esou wichteg, wa mer och wëllen en industrialiséiert Land bleiwen, dass mer deene Betriber hëllef.

Ech mengen zum Inhalt huet de Marc Spautz als Rapporteur alles gesot. Ech hunn eng Fro gestallt kritt vum Här John Castegnaro, op déi ech äntwerte wollt. D'Gesetz huet nach ni virgesinn, dass d'Sozialbäitrag géife vum Stat iwwerholl ginn. Mir hate gesot, dass mer dat géife studéieren. De Punkt war, dass mer wollten e Gesetz séier maachen. Mat de Sozialbäitrag gëtt et e Problem, nämlech: Mëttlerweil hu mer den Eenheitsstatut a mëttlerweil hu mer do eng Mutuelle, wou d'Betriber cotiséieren. Dat heescht, elo einfach ze soen, de Stat géif d'Sozialbäitrag iwwerhuelen, dat geet schlecht. Mir sinn amgaang, déi Fro ze studéieren.

Iwwregens ass an der Tripartite déi Fro net opgeworf ginn de Moien, also si se net vu Patronatssait massiv domadder komm. Mir hunn eis awer am Haus zesumme gesat fir ze kucken, wann dat elo an deenen nächsten Tripartiten en Objet wär, dass mer selbstverständlech versichen dat ze maachen. Mä eise Souci war, en onkomplizéiert Gesetz elo séier ze maachen. Ech mengen, mir wäerten nach mat der Regierung mat engem Antikrisepak kommen an do muss ee kucken, wat een dann nach kann hei oder do maachen. Dat ass déi eng Fro.

Déi zweet Fro, déi esou ënnerschwellig war, dat ass mat de Beschäftigungspläng, Plans de maintien dans l'emploi, op Lëtzebuerger Beschäftigungspläng; dat ass natierlech och fir eis elo eng Méiglechkeet, fir déi méi attraktiv ze maachen. Fir ze soen, okay, wann s de muss restrukturéieren, da maach et, mä maach et am Kader vun engem Beschäftigungsplang an net am Kader vun engem Sozialplang. Dofir wollte mer och hei eng Incitatioun setzen, well nach eng Kéier: All Betrib, deen elo géif e Sozialplang maachen - an et sinn der leider e puer, manner wéi am Ausland, mä et sinn der leider e puer -, dat sinn Hiobsbotschaften fir eis all an déi solle mer verënnern. Dofir sinn ech frou, dass dat heite Gesetz esou eng grouss Zoustëmmung fënn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Ech soen dem Aarbechtsminister François Biltgen Merci a mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5973.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5973 ass mat 60 Jo-Stëmmen uegoholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupter, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5886 iwwert d'Aféierung vum Congé linguistique. Et si schonn ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Castegnaro, den Här Braz an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Spautz.



4. 5886 - Projet de loi portant

1. introduction d'un congé linguistique

2. modification du Code du travail

3. modification de la loi du 19 août 2008 relative aux aides à la formation-recherche

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

» **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den elo virleiende Projet de loi iwwert d'Aféierung vun engem Sproochecongé gouf vum Aarbechts- a Beschäftigungsminister den 29. Mee 2008 an der Chamber déposéiert. Ier ech elo méi an den Detail ginn, wëll ech op dëser Plaz all deene Merci soen, déi derzou bäigedroen hunn, dass dëse Projet elo Realitéit ka ginn: de Mataarbechter vum Ministère an der Chamber a virun allem de Kolleeginnen an de Kolleegen an der Kommissioun, déi Hiert dozou bäigedroen hunn, well mer hunn oft laang a kontrovers iwwert de Projet diskutéiert.

Bei der éischter Virstellung vum Gesetzesprojet an der Kommissioun duerch de Minister, den 23. September 2008, gouf ech zum Rapporteur bestëmmt. D'Kommissioun ass insgesamt véiermol zesummekomm an huet och nom éischten Avis vum Statsrot eng Rei vun Amendementer proposéiert. De Rapport, wéi en elo virläit, ass an der Sitzung vum 13. Januar 2009 uegoholl ginn. Nieft den Avisë vum Statsrot huet d'Kommissioun sech awer och mat deene vun de Berufschamberen auserneegesat, an zwar mat zwee vun der Salariatsait, déi jo an Tëschenzäit zu enger Salariatschamber zesumme gewuess sinn, a mat engem vun der Chambre de Commerce.

D'Aféiere vun engem Sproochecongé an eis Lëtzebuerger Aarbechtsgesetzgebung soll et de Salarié an och den Indépendanten erlaben, Lëtzebuerger ze léieren oder ze perfektionéieren. Dëst virun allem an der Optik vun enger besserer Integratioun an der Lëtzebuerger Gesellschaft, an dëst iwwert de Wee vum Aarbechtsmaart. An esou reit sech deen elo virleiende Projet de loi an d'Linn vun der Regierung an, déi engersäits verstärkt Wäert op eng konsequent Offer am Beräich vun der beruflecher Weiterbildung leet a sech anerersäits fir eng gutt verstanen Integratiounspolitik asetzt.

Et ass net ze leegnen, dass eng Integratioun sech och iwwert de sproochleche Wee mécht. A grad d'Léiere vum Lëtzebuerger ass dann och en Haaptsouci vum Gesetzesprojet, deen ech lech hei a sengen Haaptlinnen elo wëll virstellen.

Elo gëtt et allerdéngs Konditiounen, fir och vun dësem Congé kënne ze profitéieren. Fir déi Persoun, déi an engem Betrib uegoholl ass, géllt et, dass hir Aarbechtsplaz sech am Lëtzebuerger Land befënnt, dass si an hirem Betrib en Aarbechtskontrakt huet an dass se op d'mannst scho sechs Méint an deem Betrib schafft.

Wat elo den Indépendant ugeet, esou muss dësen eng Aktivitéit um Lëtzebuerger Territoire ausüben an dëst och op d'mannst zënter sechs Méint. Fir déi zwee géllt, dëse Congé gëtt op Demande vum Interesséierte vum Aarbechtsminister accordéiert.

Här President, de Salarié, dee vun dësem Sproochecongé profitéiere wëllt, muss awer wéi scho gesot seng Demande un den Aarbechtsminister riichten, an dës Demande muss vu sengem Patron aviséiert sinn. Dat ass eng Obligatioun a keng Recommendation. Ee Grond, fir dës Congésdemande negativ ze aviséieren, ass dee vun enger interner Organisatioun am

Betrib. An deem Fall gëtt de Congé da reportéiert.

De Sproochecongé gëtt an zwou Tranchë vu minimum 80 a maximum 120 Stonnen gedeelt. E kann op kee Fall méi wéi 200 Stonnen ausmaachen. Eleng eng Formation, déi mat engem Diplom oder engem Certificat sanktionéiert gouf, gëtt Urecht op den zweeten Deel vum Sproochecongé. Fraktionéiere kann een de Congé, wann d'Mindestdauer pro Dag zumindest eng hallef Stonn duerstellt. Och kann de Congé bei deene Leit, déi am Temps partiel schaffen oder Deelzäit-Indépendant sinn, proportional berechent ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eent muss awer kloergestallt ginn. Dëse Sproochecongé kann net op den normale Congé ugerechent ginn, mä mir schafe mam Votum vun dësem Projet de loi en neie Congé, deen deenen, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, eng Méiglechkeet gëtt, an hirer Aarbechtszäit eis Sprooch ze léiere respektiv ze verdéiwen. Och fir déi Selbststänneg hu mir eng Méiglechkeet fonnt, fir vun dëser Offer ze profitéieren, ouni dofir mussen op hire gesamte Verdéngscht ze verzichten. Et ass jo dann esou, dass dëse Congé gläichzesetzen ass mat effektiv geschaffter Zäit, mat all deene Rechter, déi dodrun hänken, wat d'Sécurité sociale an d'Aarbechtsrecht ubelaangt.

Et ass awer och esou, dass, wat d'Salären ugeet, dëse Congé vum Montant hier op véiermol de Mindestloun begrenzt ass. De Patron bezilt de Salarié a kritt dee geschëllte Montant vum Stat zrëck, majoréiert mat de Cotisations patronales. Analog zu dësem System fonctionnéiert dann och d'Indemnisiatioun vun den Indépendanten. Hei gëtt de Revenuausfall berechent op deem, wat am leschten Exercice fir d'Pensioun deklaréiert gouf. Och hei spillt d'Uewergrenz vu véiermol de Mindestloun an och hei dréit de Stat de Montant vun der Part patronale vun de Cotisations sociales.

Et bleift nëmmen nach ze soen, dass all Montanten, déi opgrond vu falschen Deklaratiounen ausbezuelt goufen, mussen zrëckbezuelt ginn, selbstverständlech och mat Zënse mam Taux légal vum Dag.

Wat elo d'Säit vum Offreur vun de lëtzebuerger Sproochekursen ugeet, esou sinn dat Institutiounen, déi vum Statut vun enger öffentlecher oder privater Schoul sinn an déi vum Stat unerkannt sinn. Et sinn d'Berufschamberen, d'Gemengen oder och Associatiounen a Privatleit, déi en Agrément vum zoustännegen Ministère kritt hunn. Exklusiv dës Institutiounen oder Leit kënne Diplomer oder Certificaten ausstellen, déi en Urecht op e Sproochecongé ginn.

Här President, ech wëll awer elo nach kuerz op déi eenzel Avisen agoen. Vun deenen deemools nach zwou Salariatschamberen gouf begréisst, dass keng Residenzklausel spillt, fir vun dësem Congé ze profitéieren. Kritiséiert gouf awer, dass de Lieu de travail sech zu Lëtzebuerg muss befannen, an et gouf bedauert, dass hei net einfach nëmmen d'Affiliatioun an der Lëtzebuerger Sécurité sociale zrëckbehalen ginn ass.

Den Avis vun der Chambre de Commerce dréckt dann hir Oflehnung zu dësem Projet aus. An hirer Optik geet deen ze wäit. Hir Meinung ass, dass dat iwwert den Accord vun de Sozialpartner, iwwert d>Weiderbildungsgesetz, och am allgemenge Weiterbildungsgesetz hätt kënne geregelt ginn.

Eis gréng Kolleegen hu kritiséiert wat d'Durée vun 200 Stonnen ugeet an haten en Amendement eraginn, fir op 400 Stonnen an d'Luucht ze goen.

De Statsrot gëtt a sengen allgemengen Iwwerleeungen ze bedenken, dass d'Regierung bei dem Ausschaffe vun de Reglementer soll dorop uechten, dass dës Dispositiounen am Aklang sti mat deene vun der Gesetzgebung iwwert d'Integratioun an d'Immigratioun. Des Weidere war et dem Statsrot en Uleies, mat der Aféierung vum Sproochecongé keng Diskriminatioun tëschent de Salarié an den Indépendanten opkommen ze loosser, well am initiale Projet sollte just d'Salarié kënne dervu profitéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem elo virleiende Projet de loi gëtt d'Méiglechkeet geschaf, fir dass, nieft all deenen Efforten, déi mat dem Immigratiouns- an och dem Integratiounsgesetz gemaach ginn, e weidere Bausteen entsteet. Déi meeschte Leit, déi op eise Aarbechtsmaart schaffen, schwätze keen oder nëmme schlecht Lëtzebuergeresch. Mat der Aféierung vum Sproochecongé gi mir hinnen an och deene Selbststännegen d'Méiglechkeet, dat ze änneren. Et ass just ze hoffen, dass déi Offer och genotzt gëtt.

eng wesentlech Verbesserung, am Sënn fir mateneen eens ze ginn, an erlaabt eng besser Qualitéit a mat Sécherheet och méi en héije Respekt am Ëmgang vun deenen, déi schaffen, mat deenen, déi betreit musse ginn.

Mir wëssen, dass et an der Tëschenzäit jo och quasi Konditioune gëtt, dass Leit, déi en ASF maachen oder Ähnlech, forcéiert sinn, Lëtzebuergesch ze léieren. Et muss ee kucken, wéi dat hei sech an dat dote mat areit a wat fir eng Problemer dat ënner Ëmstänn ka provozéieren.

Et gëtt natierlech och kritiséiert vu Lëtze-buerger, déi soen: Wisou maache mir elo Sproochecoursë fir déi, déi net Lëtze-buergesch kënnen, an net Sproochecoursë fir d'Lëtzebuerger, fir eventuell Franséisch oder Englesch besser ze léieren, fir op hiren Aarbechtsplazen oder am Ëmgang méi eens ze ginn? Mä do bäisst d'Kaz sech an de Schwanz. Ech mengen, wann een déi eng wëllt Lëtzebuergesch léieren, da misst jo déi Barrière kënnen iwwerspronge ginn. Mä et gesäit een also, dass eng Rei vu Schwierigkeiten am Verständnis bestinn. Et wäert - an dat ass hei och vum Virriedner an och vum Marc Spautz gesot ginn - wahrscheinlech och eng Rei vu Schwierig-keeten an der praktescher Uwennung ginn. Duerfir ass et net onwichtig, wéi déi Règlements grand-ducaux ausgesinn, déi hei derbäi musse kommen.

Ech géif et vläicht esou formuléieren: E Gesetz wéi dat hei, mat där Envergure, déi et huet, sollt och als e Pilotprojet ugesinn an och esou behandelt ginn. Dat heescht, eng Evaluatioun drängt sech mat Sécherheet op, an et drängt sech dann och op, dass een dat offen diskutéiert a kuckt, wéi déi Zilsetzung erreecht gëtt oder erreecht ginn ass oder iwwerhaapt erreecht ka ginn a wéi Kleng- oder Grouss- oder Mëttelebriber ënner Ëmstänn hei mat Problemer kon-frontéiert ginn, déi si ënner Ëmstänn net oder schlecht gemeeschtert kréien. Duerfir muss ee méiglechst schnell kënnen e Bilan zéien an och bereet sinn, fir dann no deem Bilan sech eventuell opdrängend Change-menter virzehuelen.

E lescht Wuert: Wann ech mech gutt erënneren, baséiert dee Projet de loi hei op engem Accord, deen tëschent de Sozial-partner virun e puer Joer getraff ginn ass, nom Subsidiaritéitsprinzip, esou wéi d'Europäesch Union dat jo och pro-poséiert. Also et ass hei tëschent deenen zwou nationale representative Gewerk-schaften an der Union des entreprises en Accord getraff ginn, an dee Projet de loi ass op Basis vun deem Accord dann och ausgeschafft an opgebaut ginn.

Ech fannen dat och eng gutt Prozedur an eng flott Entwécklung, déi ee méi oft kéint erëmbegéinen, well domat eng Rei vun Ecken a Kante vu virera verschwannen.

No deene puer Bemierkunge wëll ech just ënnersträichen, dass d'LSAP natierlech dee Projet de loi hei wäert stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Castegnaro Merci. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha général)

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dat hei ass dat lescht Gesetz an enger langer Rëtsch vu Gesetzer, déi mir an dëser Legislaturperiod an der Chamber zum Vote bruecht hunn, déi sech mat der Fro vun der Integratioun vun den Auslänner hei zu Lëtzebuerg ofginn. Dat, wat mir haut hei aféieren, de Congé lin-guistique, ass eng laangjäreg Fuerderung vun deene Gréngen. Zënter no bäi 20 Joer taucht dat dote permanent bei gréngen Interventiounen op, a mir hunn dat oft falsch gemaach kritt: Ass et noutwendeg, fir dat do ze maachen, well et eng Belaaschtung kéint si fir d'Betriber?

Dat, wat mir haut maachen, ass de Bewäis, dass déi Argumenter, déi mir während bal 20 Joer entgéintgehal kritt hunn, net richtig waren. Et wär scho virun 20 Joer richtig gewiescht, dëst Gesetz ze maachen, dann hätte mir eis ganz viles kënnen erspuere vu

D'DP ass an der Vergaangenheet net midd ginn dorobber hinzeweisen, datt d'ADEM misst reforméiert ginn a méi e staarke Rôle bei der Aus- a Weiterbildung soll spillen. An de Krisenzäiten, déi eis nach bevirstinn, ass dëst vu gréisster Wichtigkeet.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ass mat der Zilsetzung vun dësem Gesetz d'accord, an duerfir wëll ech am Numm vun der DP-Fraktioun eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn.

Opgrond vu villen oppene Froen, déi haut awer nach keng Äntwert kréie respektiv kënnen kréien, wär et ubruecht, no e puer Joer eng Evaluatioun ze maachen, déi - esou wéi d'Beruffskammer vun de Privat-beamten et virgeschloen huet - obliga-toresch mat der Evaluatioun iwwert de Congé de formation kéint gemaach ginn.

Här President, erlaabt mer an dësem Sënn eng Motioun eranzebréngen, fir dës Eva-luatioun ze froen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant le projet de loi relatif à l'introduction d'un congé linguistique;*

- *constatant que le projet sous rubrique ne prévoit pas d'évaluation de cette mesure;*

- *considérant la loi du 24 octobre 2007 portant création d'un congé individuel de formation qui prévoit dans son article 5 qu'un rapport d'évaluation sur la loi en question sera adressé au Gouvernement et à la Chambre des Députés;*

invite le Gouvernement à

- *faire dresser un rapport d'évaluation sur le projet en question endéans les cinq ans après l'entrée en vigueur de la présente loi;*

- *analyser les effets du congé linguistique sur l'intégration de ressortissants étrangers dans la société luxembourgeoise par le biais du marché de l'emploi;*

- *analyser les niveaux linguistiques atteints après accomplissement d'un maximum de 200 heures de cours linguistiques;*

- *analyser si les candidats ayant suivi les cours prévus dans le cadre du congé linguistique ont atteint les connaissances linguistiques requises par la loi sur la nationalité luxembourgeoise;*

- *analyser les répercussions sur les relations patrons - salariés;*

- *analyser si l'introduction du congé linguis-tique a conduit à des abus.*

(s.) Fernand Etgen, Eugène Berger, Charles Goerens, Alexandre Krieps, Carlo Wagner.

Esou eng Evaluatioun muss da kucken, ob de Congé linguistique de reelle Besoinë gerecht gëtt, wéi ee Sproochenniveau mir no 200 Stonne Formation erreechen, ob keng Abusë gemaach gi sinn, ob d'Stabi-litéit vun der Relatioun Patrons - Saliariés net a Fro gestallt ass an ob mir eng besser Integratioun iwwert den Aarbechtsmaart mam Congé linguistique erreechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Etgen Merci. Als nächste Riedner ass den Här John Castegnaro agedroen. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Merci un de Rapporteur, dee ganz ausféierlech war, wat den Inhalt vun dem Projet de loi ubelaangt.

Ech wëll just e puer Gedanken derbäifügen, ënner anerem deen, dass dëse Projet sech aschreift an den Ausbau vun der Formation professionnelle - och vun där reforméierter - an dass mat dem Projet hei d'Chancë vun den Netlëtzebuerger méi grouss ginn, an domat si och méi Méiglechkeete kréie fir sech um Aarbechtsmaart ze integréieren an hir Situatioun ze verbessern. Dat ver-bessert och d'Chancen op d'Integratioun net nëmmen um Aarbechtsmaart, mä an eiser Gesellschaft. Dat geet sécherlech Hand an Hand. Jidderee weess, dass vill Spannungen kënnen doduerch entstoen, dass sproochlech Barrière bestinn, esou dass een hei kann Ofhëllef schafen an deemno och zur sozialer Kohesioun bäidroen.

Ech sinn och d'accord mat der Ausso vum Kolleeg Marc Spautz, deen dorop hige-wissen huet, dass et eng ganz Rei vu Secteuren hei am Land gëtt, wou et eng Mass vun Netlëtzebuerger gëtt, wou awer d'Clienten oder déi, déi betreit musse ginn, Lëtzebuerger sinn. An de Spideeler, an de Fleege- an Altersheimer an ähnliche Strukturen bedeit dat hei mat Sécherheet

buerger Kultur an zur Lëtzebuerger Sprooch oprechtzeerhalen.

Dëst Gesetz ass folglech een zousätzleche Volet zum individuelle Congé de formation. D'Lëtzebuerger Sprooch am Kader vun engem Congé ze léieren, ass vun éischter Wichtigkeet. Déi permanent Sprooche-formation gëtt d'Mëttele fir d'Kommuni-katiounscapacitéit ze kréien, déi dach esou wichtig ass fir d'Interessevertrieding, déi mat der Aarbecht u sech a mat engem Aktivitéitssecteur ze dinne huet. Et geet also och ëm eng demokratesch Kultur vun der Participatioun.

An och d'Patronen hu bei dësem Gesetz näischt ze verléieren. All Patron misst dach frou sinn, wa seng Leit Lëtzebuergesch schwätzen. Et ass evident, datt dat vun Job zu Job ganz verschidden ass. Am Commerce zum Beispill ass et extrem wichtig, um Bau dergéint ass et manner wichtig.

Wann een de Projet genee ënnert d'Lupp hält, muss ee sech awer eng ganz Rei Froen iwwert d'Praticabilitéit vun dësem Gesetz stellen. Et ginn nämlech keng Rastere gemaach. Et gëtt keen Niveau définéiert. De Congé ass op fir jiddwereen. Déi 200 Stonne goufen arbiträr fixéiert. Et gëtt keng Ausso iwwert de Contenu vun der For-matioun. Soll een technescht Lëtze-buergesch fir d'Aarbecht geléiert ginn, oder geet et ëm déi dagdeeglech Ëmgangs-formen? Wéi ass et mam Niveau vun de Formateuren? An esou weider an esou fort.

Eng ganz Rei Cas de figure, déi antriede kënnen, sinn net preziséiert. Wat geschitt, wann de Kandidat iwwert dem Cours de Patron wiesselt? Et si keng Délaien agebaut, weder bei der Demande beim Minister nach fir den Accord vum Patron. Wéi ass et mam Report vum Congé?

Niewent dësen Detailer hunn ech aller-déngs ee ganz grouse Problem domadder, datt d'Regierung op där enger Säit iwwer-driwwen héich Niveaue fir d'Sprooche-kennntnisser am Nationalitéitegesetz festleet an op där anerer Säit net sécherstellt, datt een an 200 Stonnen dësen Niveau erreecht. Wéi ee Message gëtt d'Regierung eisen auslännesche Matbierger domadder? Datt mer eng oppe Gesellschaft sinn? Datt mer eisen auslännesche Matbierger d'Hand reechen? Datt mer se derbäi ënnerstëtze wëllen, Lëtzebuerger ze ginn? Neen! Dee Message, deen d'Regierung hei gëtt, ass: Et ass eis egal, débrouilléiert lech! Kuckt, datt Der eens gitt!

(Interruptions)

Här President, dëst ass awer keng Politik, déi am Interess vun eiser Lëtzebuerger Sprooch ass. Dëst ass keng Politik, déi am Interess vun eisen auslännesche Mat-bierger ass. Aner Länner wéi Däitschland hu vill méi Stonnen als Congé linguistique fir ee méi niddregen Niveau virgesinn, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass. Wann d'Re-gierung sech dann hätt wëlle konsequent bleiwen doranner, datt se eis Nationalitéit net wëllt bradéieren, dann hätt se och dättelech méi Stonne solle virgesinn am Congé linguistique, wéi dat de Moment de Fall ass.

Aus Grënn vun Transparenz a vu juris-tescher Sécherheet wier et duerfir besser gewiescht, et hätt een am Kader vun dësem Projet net dervu geschwat, datt dëse Projet de Wee géif opmaache fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen.

Här President, d'DP plädéiert fir eng méi differenzéiert Approche, wat de Congé linguistique ubelaangt. Am virleiende Projet gi mer mat der Géisskan hin a ginn all Mënsch d'Recht op maximal 200 Stonne Congé linguistique. Ob et sech elo ëm een EU-Beamten aus dem Iwwersetzerbüro handelt oder eng Persoun ouni schoul-eschen Ofschloss. Bei där enger Persoun sinn 200 Stonne vill ze vill, bei där anerer Persoun vill ze wéineg.

D'DP hätt sech gewënscht, datt een eng Regelung fonnt hätt, déi de Besoinë vun all Einzelnem och op eng individualiséiert Léisung hätt kënnen entgéintkommen. Domadder hätt een de Kandidate selwer méi e groussen Déngscht erwisen a virun allem d'Gefor vun Abusë verhënnert.

Eng aner Sprooch wéi seng eegen ze léieren, ass a bleift virun allem ee pers-éinleche Choix an ass duerfir och ee perséinlechen Investissement. Am Kader vun dësen Diskussiounen muss een och drop koweisen, datt et méi wichtig wier, datt déi Leit, déi am Chéimage sinn an als De-mandeurs d'emploi um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ageschriiwe sinn, obli-gatoresch enger Lëtzebuerger Formation missten nogoen. Oft läit et nämlech un hire feelende Sproochkennntnisser, datt si net vermëttelt këne ginn.

Virun allem am Santésberäich wësse vill Leit, net nëmmen déi eeler, wéi dat oft duer-gestallt gëtt, mä och déi manner al, wann ee bis wéi huet, dass et dann oft schwiereg ass, sech an enger hinnen net geleeefeger Sprooch auszredrëcken, fir do ze erklären, wou een dann elo de Wéi huet. Dat gëllt och am Commerce, wou een heiandsdo och Schwierigkeiten huet bei deem engen oder anere Produit, obwuol e geleeefeg ass op Lëtzebuergesch, deen dann am Fran-séischen oder soss enger auslännescher Sprooch ze fannen.

Dofir ass et awer elo wichtig, dass net nëmmen d'Gesetz gestëmmt gëtt, mä dass mer och déi Ëmsetzungsreglementer esou schnell wéi méiglech kréien, fir dass och d'Integratioun iwwert de Wee vun der Sprooch hei zu Lëtzebuerg eng geliefte Realitéit gëtt.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn och d'Zoustëmmung hei vun der CSV-Fraktioun an ech soen lech Merci fir Är Opmierk-samkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Marc Spautz Merci. Als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här Presi-dent, Kolleeginnen a Kolleegen, virowech gëllt eisen éierleche Merci dem Rapporteur Marc Spautz fir säi prezisen an explizite schrëftlechen a mëndleche Rapport. Wéi kaum een anert Land ass Lëtzebuerg op een harmonescht Mateneen tëschent Lëtze-buerger an Auslänner ugewisen. Nom Asylgesetz, dem Immigrationunsgesetz an dem Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit soll d'Aféiere vun engem Congé linguistique ee weidere Schrëtt zu enger besserer Integratioun duerstellen.

Grad um Aarbechtsmaart, wou d'Lëtze-buerger de facto an der Minoritéit sinn, ass kaum ee Land esou op en harmonescht Mateneen tëschent deenen, déi Lëtze-buergesch schwätzen, an deenen, déi et net schwätzen, ugewisen. Esou wéi d'Fonction publique bal exklusiv vu Lëtze-buerger besat ass, gëtt et am Privatsecteur Deelberäicher, déi exklusiv vun Auslänner besat sinn. Hei gëtt alles, mä just kee Lëtze-buergesch geschwat.

D'Sprooch vun deem Land léieren, wou ee seng Aarbecht huet, ass déi beschten Inte-gratioun op der Aarbechtsplaz. D'Sprooch ass den Ausdrock vum Gemeinschaftsgefill a vum Gemeinschaftsbewosstsinn. Mä wa mir den Auslänner keng Geleeëenheet ginn, fir eis Sprooch ze léieren, da kënnen se et net schwätzen, a wa se et net kënnen schwätzen, da kënnen se et och net léieren.

Fir dësem Däiwelskrees een Enn ze setzen, geet et zënter Joren net méi duer fir just déi traditionell Coursen unzebidden, wou eemol d'Woch vu September bis Juli an Zesum-menaarbecht mam Service Erwuessene-bildung vun der Éducation nationale Coursen ugebuede ginn. Och déi speziell Coursen, déi zum Beispill am Kader vum „Projet MOIEN!“ an Zesummenaarbecht mam Aarbechtsministère an dem Fonds social européen organiséiert goufen, Coursen, déi speziell op den Aarbechts-maart ofgeziilt hunn, wou et e bësse méi séier goug a wou e puermol d'Woch Coursen ofgehalen goufen, haten nëmmen ee bedéngte Succès.

De Lëtzebuerger Aarbechtsmaart zeechent sech duerch seng ausgesprochen Diver-sitéit aus. Bildung a Weiterbildung an all hire Facettë sinn den A an den O vun enger erfollegsgekréinter beruflecher Carrière. Mat der Finalitéit, déi Buschtawen tëschent dem A an dem O an déi hannendrun och op Lëtzebuergesch ze léieren, kann ee folglech nëmmen d'accord sinn.

Mir müssen duerfir progressiv d'Beruffs-ausbildung duerch Weiderbildungs-programmer stäerken. D'Aféiere vun engem Congé linguistique soll d'Integratioun vun den Auslänner an eiser Gesellschaft er-liichter. De Congé linguistique soll awer och méi Flexibilitéit um Aarbechtsmaart garantéieren. Tatsaach ass, mir hunn nëmmen e klenge wirtschaftleche Raum, dee wäit no baussen op ass, wou an der Tëschenzäit iwwer 40% vun de schaffende Leit Frontaliere sinn. Mir liewen an enger spezialiséierter Welt; eng Schaff ass net gläich eng Schaff. Fir all Plaz ginn aner Qualifikatiounen a Kompetenze verlaangt. Et ginn och sozial Kompetenze verlaangt. Et muss een och mobil am Kapp sinn, bes-onnesch wat d'Sproochekompetenzen ubelaangt. Et gëllt eng gewësse Flexibilitéit tëschent allen Acteure sécherzestellen, awer och den Attachement zur Lëtze-

Problemer, déi et deelweis an de leschte Joren nach bis haut gëtt, an och vun Diskussiounen. Et ass wierklech bedauerlech a schued, dass mir esou spéit op deem dote Wee gaange sinn.

Dëst Gesetz ass awer net dofir do fir eng besser Integratioun um Aarbechtsmarché ze maachen. Dëst Gesetz huet net als Sënn an Zweck fir d'Employabilitéit vun de Leit ze verbessern. Dëst Gesetz huet als Zweck, eng besser Integratioun iwwert den Aarbechtsmarché unzestriewen, dat heescht, dass och den Aarbechtsmarché, de Monde du travail, säi Bäitrag leescht zu enger besserer Integratioun vun den Auslänner zu Lëtzebuerg.

An dat ass awer e Punkt, deem ee soll ënnersträichen. Et ass also keng aarbechts-politesch Measure, et ass eng integratiouns-politesch Measure, zu där den Aarbechts-marché säi Bäitrag soll leeschten. Et ass net esou, wéi wann déi Leit, ëm déi et geet, keng Integratiounsefforten um linguistesche Plang géife maachen. Déi allermeeschte Leit, déi zu Lëtzebuerg sinn, beherrschen eng vun deenen dräi offizielle Sprooch vu Lëtzebuerg. Bei enger ganzer Partie ass dat d'Lëtzebuergesch. Bei villen aneren ass dat entweder d'Däitscht oder d'Franséischt, Sproochen, déi se vun doheem aus kënnen, wat oft oder bal ëmmer de Fall bei de Frontalieren ass. Oft awer ass et esou, dass dat Leit sinn, déi net aus dem noe Grenzgebitt kommen, an déi, wa se zu Lëtzebuerg sinn, effektiv en Effort d'integratioun linguistique leeschten, an där vun deenen dräi offizielle Sproochen, déi Lëtzebuerg huet, déi hinnen am nooste läit. Oft ass dat Franséisch, well dat déi Sprooch ass, déi d'Lëtzebuurger Verwaltung am Alldag gebraucht.

Et huet een als Auslänner, deem op Lëtzebuerg kennt an dee keng vun deenen dräi Sprooch beherrscht, am meeschten dervunner, als Eischt dat Franséischt sech unzëeegnen, well een dovunner am Alldag am meeschten huet. Zum Beispill ass dat Gesetz, wat mir haut stëmmen, och op Franséisch. Et ass also keen anormale Virgang, an dat ass och en Effort d'intégration linguistique.

Mä mir wënschen eis awer, dass och déi Leit no Méiglechkeet et kënnen fäerdegbréngen, och dat Lëtzebuergesch ze léieren, well dat och e wichtegt Element ass vun Integratioun am Lëtzebuurger Land.

Dëst Gesetz ass eiser Meenung no a Relatioun ze stellen och mam Nationalitéitgesetz, wat mer virun enger Zäitchen elo gestëmmt hunn a wat zënter dem 1. Januar en vigueur ass. Dat Nationalitéitgesetz verlaangt méi héich sproochlech Connaissancen, wéi dat nach ënnert deem ale Gesetz de Fall war. Connaissancen, déi och elo op enger méi objektiver Basis wäerte kënnen appréciéiert gi vun der Verwaltung. Mä leider gëtt dee Lien mat deem Gesetz net esou gemaach, wéi mir eis et gewënscht hätten, notament an haaptsächlech bei der Stonnenzuel vu Coursé fir d'Lëtzebuergesch ze léieren.

Et ass sech an dësem Gesetz limitéiert ginn op 200 Stonne fir Lëtzebuergesch ze léieren, an nëmme fir Lëtzebuergesch ze léieren, well et ebe keng aarbechtspolitesch Measure ass, mä eng integratiounspolitesch Measure ass. Par conter ass awer duerchaus erlaabt, dass och Leit, déi scho Lëtzebuergesch schwätze kënnen, zum Beispill dat heite géife beanspruche fir Lëtzebuergesch schreiwen ze léieren, wat bei ville Lëtzebuurger haut nach en Defizit ass. Et ass also net nëmme e Gesetz, wat sech un d'Auslänner riicht. Och Lëtzebuurger wäerte vun dësem Gesetz kënnen Gebrauch maachen, fir beispillsweis hir schrëftlech Kompetenzen am Lëtzebuergesch ze verbessern.

Leider hu mir net genuch Stonnen eiser Meenung no. Mir haten an der Kommissioun och an deem Sënn Amendementer proposéiert, fir méi en héije Sockel vu Stonnen ze proposéieren. Mir hunn eis do inspiréiert un deene Beispiller vun eisen Nopeschlänner. Länner, déi iwwregens eng méi licht integratiounspolitesch Situatioun hunn oder eng sproochlech méi licht integratiounspolitesch Situatioun hunn, well an Däitschland oder Frankräich oder an der Belsch et nëmme eng offiziell Sprooch gëtt, sou dass do also d'Auslänner sech an enger

Immersion totale vum éischten Dag u mat där Sprooch ofginn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng wesentlech méi komplex Sproochesituatioun, trotzdem bidde mir manner Stonnen u wéi dat, wat an eisen Nopeschlänner vu Stonne proposéiert gëtt, fir déi national Sprooch vun deem Land ze léieren.

Mir hate proposéiert, zwou Saachen anescht ze maache wéi an dësem Gesetz, an zwar éischstens emol méi en héije Sockel vu 400 Stonnen. An ech bedauern, dass den Här Etgen an där Kommissioun nëmme ee Mol konnt seng Kolleegen ersetzen, well déi zweete Kéier ass den Här Etgen selwer ersat ginn duerch d'Madame Brasseur an och duerch den Här Bettel. An déi hunn deen Amendement, fir deen e sech elo grad staark gemaach huet - wat ech jo ausdrécklech begrëissen -, awer net ënnerstëtzt.

Dat ass schued. D'DP huet net fir deen Amendement gestëmmt, fir méi Stonne virzegesinn. Ech hätt mir gewënscht, Dir hätt och déi zweet Sitzung, Här Etgen, kënnen Äre Kolleeg ersetze kommen, dann hätte mer weinstens véier Stëmme fir deen Amendement gehat. Dat wär zwar net duergaangen, fir dass den Amendement duerchkënn, mä mir hätten awer dann eng kloer Linn kënnen als Oppositionsparteie presentéieren.

Ech wollt dat just rappeléieren, well Dir hutt lech elo hei zu Recht agesat fir déi méi héich Zuel vu Stonnen ze huelen, mä, wéi gesot, an der Kommissioun hutt Dir eis beim Vote leider net kënnen ënnerstëtzen. Mir hätten eis wéi gesot e Sockel vu 400 Stonne kënnen virstellen, wat nach ëmmer manner ass wéi an den Nopeschlänner, déi nëmme eng Sprooch hunn.

A mir hunn och proposéiert, dass iwwert dee Sockel eraus et misst méiglech sinn, dat déi Leit, déi méi Sproochecoursé brauchen, differenzéiert der och nach méi kéinte kréien. Dat ass zum Beispill d'Approche a Frankräich. En ze vill héije Sockel huet also kee Sënn, well och dee vu 400 läit nach ënnert deem vun den Nopeschlänner. Et mécht kee Sënn, esou en héije Sockel jidderengem ze ginn, well et gëtt Leit, déi dat net brauchen. Duerfir war eis Propos e Sockel vu 400 a méi en cas de besoin, après appréciation duerch déi Leit am Centre de langues, déi dat och kënnen appréciéieren. Dat wär e Modell gewiescht, dee wierklech ville Leit hätt kënnen hëllefen. Dat ass net zréckbehale ginn.

Mir hunn och gemengt, dass ee misst zumindest iwwert dës Coursé Connaissancë kënnen ubidden deene Leit, déi se froen, déi et erlaben, och de Sproochentest ebe vum Nationalitéitgesetz ze packen. Dat wär eng kohärent Politik gewiescht, wann een engersäits am Nationalitéitgesetz deen Niveau verlaangt, dann och op där anerer Säit deene Leit, déi schaffen, d'Chance ginn, iwwert de Wee vum Congé linguistique och deen doten Niveau vu Connaissancen ze erreechen, wat net fir jidder Eenzelen déiselwecht Zuel vu Stonne bedeit hätt. Dat hätt, wéi a Frankräich, après appreciation fir jidder Eenzelne kënnen festgeluecht ginn. Op dee Wee wollt d'Majoritéit net goen.

Mir bedauern dat ausdrécklech, an duerfir wäerte mir dësem Gesetz och d'Zoustëmmung verweigeren, well dëst Gesetz wéi vill anerer an dëser Matière an de leschte fënnef Joer wuel elo déi Prinzipien akzeptéiert, déi Eenzelner heibanne während laange Jore falsch gemaach hunn, awer iwwert de Prinzip eraus an der konkreter Applikatioun dann awer nees eng Kéier hallefhäerzeg bleift, sou dass mer leider déi Diskussiounen zu Lëtzebuerg, déi aus enger Rei vu Grënn duerchaus begrënt sinn, nach eng Rei Jore wäerte musse féieren, ier mer och do do ukommen, wou mir scho laang misste sinn, nämlech an engem Land wou d'Sprooch fir kee méi eng Barrière fir näischt duerstellt a wou d'Sprooch e Stéck Zement ass vun der Cohésion sociale.

Dat wäerte mer mat dësem Gesetz och an där Däitlechkeet net erreechen.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Braz Merci. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och dem Kolleeg Marc Spautz Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport fir dëst Gesetz iwwert de Sproochecongé, wat souwuel d'Salarië wéi och d'Indépendantë betrëfft a wat obligatoresch déi Coursen an zwee opdeelt, vun engem Minimum 80 bis Maximum 120 Stonne pro Cours, ouni am Globalen iwwert déi 200 Stonnen erauszegoen.

Dëst Gesetz ass fir eis als ADR e ganz wichtegt Gesetz. Ech erënnere drun, dat mer als Partei virun engem Joer en Zéng-Punkte-Programm erausginn hu fir d'Lëtzebuurger Sprooch, an ee vun deenen zéng Punkte war de Sproochecongé.

Dir verstitt, dat mir duerfir frou sinn, dat dat haut hei realiséiert gëtt, well fir eis ass d'Lëtzebuurger Sprooch de wichtegste Punkt an der Integratiounspolitik, souwuel an der Gesellschaft wéi och um Aarbechtsmaart.

Mir hunn ëmmer gesot, dat mer an deene vergaangene Jorzéngten eis auslännesch Matbirger heihinner komme gelooss hunn, well mer se aus ekonomesche Grënn gebraucht hunn, dat mer zesumme Geld verdéngt hunn, mä an der Vergaangenheet ni eng wierklech Integratiounspolitik gemaach hunn an och net bereet waren, een Deel vum dem zesummen erwirtschaftete Geld erëm ze réinvestéieren an eng Integratiounspolitik.

Mir hunn an deene leschten Deeg hei vill iwwert d'Schoul diskutéiert, a mäi Kolleeg Roby Mehlen huet och hei betount, wéi wichteg et fir eis ass, dat d'Lëtzebuurger Sprooch d'Émgangssprooch an de Schoulen ass, an en huet och betount, dat mir der Meenung sinn, dat d'Kanner, déi vun der Säit eraklommen an eis Primärschoulen, fir d'éischt misste fit gemaach gi fir an eis Schoul eranzekommen, dat heescht, dat se fir d'éischt missten eis Sprooch léieren, ier se an d'Schoul erakommen. Dat ass zu hirem Virdeel an et ass zum Virdeel vun deene Kanner, déi an de Schoule sinn.

Mir mussen also an déi Richtung schaffen, systematesch, well dee gréisste Problem, géif ech mengen, wann een dee géif sozial-politesch kucken als Spannungsfeld, ass, dat d'Leit sech net verstinn. Wann d'Leit sech an engem Land verstinn a matenee kënnen schwätzen, da si praktesch all Barrière fort. D'Nationalitéit ass dann zweetrangeg, well d'Leit matenee kënnen schwätzen.

An duerfir gesi mir och dëse Projet an Hisiicht vun dem Nationalitéitgesetz, wat mir gestëmmt hunn, wou mir der Lëtzebuurger Sprooch als Konditioun eng wichteg Bedeitung ginn hu fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien.

Mir gehéieren net zu deenen, déi soen, den Niveau wär ze héich als Konditioun fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien. Mir hunn deen Niveau, esou wéi en am Nationalitéitgesetz steet, begréisst an ënnerstëtzt, an hu gesot, et muss een de Leit awer och d'Méiglechkeet gi fir dann déi Sprooch kënnen ze léieren.

An dësem Gesetz maache mir elo eng éischt Etapp, e wichtige Schratt, mä mir limitéieren op 200 Stonnen. Och mir hätte léiwer gesinn, wa mir méi wäit gaange wärem mat deenen 200 Stonnen. Mir gesinn et also als eng éischt Etapp un, a wa mir no e puer Joer eng Analys doriwwer maachen, wéi dëst Gesetz zum Droe komm ass, da kann een ëmmer - an ech géif mengen, da wärem mir eis dann och eens, well et bewise wär - méi wäit goen.

Et verhënnert jo awer net, dat och nach Leit niewent dësen 200 Stonnen, déi se hei iwwert de Wee vum Gesetz kréien, och nach an aner Sproochecoursé ginn, déi elo schonn ugebuede ginn an déi och an Zukunft nach wäerten ugebuede ginn. Mä dat hei ass eng wesentlech Hëllef fir de Leit entgéintzekommen, fir do einfach eis Sprooch besser kennen ze léieren.

Et schéngt mer awer och wichteg ze sinn, net nëmme an der Hisiicht vun der Integratioun, mä och wat d'Aarbechtsplazen ubelaangt, dat d'Leit do och erëm léieren, ënner sech Lëtzebuergesch ze schwätzen. An et schéngt mer virun allem och am Commerce wichteg ze sinn, dat mer erëm méi Leit do beschäftegt kréien, déi d'Lëtzebuurger Sprooch beherrschen.

Et héiert ee ganz dacks, mengen ech, hei am Land vu Leit, dat se onzefridde sinn, dat se mussen a Geschäfte eragoen a praktesch iwwerall an der Regel Franséisch schwätzen. A wa vill vun eise Leit déi Säit d'Musel op Tréier an an d'Géigend akafen ginn, ass net zulescht och bei ville Leit een Argument, well se do net musse Franséisch schwätzen, mä souguer mat den Däitsche kënnen Lëtzebuergesch schwätzen.

Ech maachen do den Appel un d'Leit aus dem Commerce, un d'Inhaber vun deene Geschäfte, fir dat se solle kucken, dat hir Leit och vun dëse Coursé profitéieren. Et ass net zulescht, géif ech mengen, an hirem eegenen Interessi, wann hiert Personal d'Lëtzebuurger Sprooch kennt an domadder da méi Clientë Satisfaktioun ka ginn.

Een anere Punkt, deem ass och schonn hei ugeklongen, mä do géife mir als ADR méi wäit goen, dat ass de Gesondheitsberäich. Mir hunn an eise Zéng-Punkte-Programm am Prinzip och gesot, dat mir am Gesondheitsberäich - Spideeler, Altersheimer, Fleegeheimer - am Fong de Besuch vun de Lëtzebuurger Sproochecoursé géifen als obligatoresch virschreiwen, well mer einfach mengen, dat et wichteg ass, dat, iwwerall wou ee mat Leit ze dinn huet, et gutt ass, wann een d'Lëtzebuurger Sprooch kann, beherrscht oder zumindest zum Deel, mä dat et ganz wichteg ass am Gesondheitssecteur.

Engersäits hu mer do al Leit, déi oft Problemer hunn, eng aner Sprooch ze schwätzen. Mir hunn awer och ganz dacks Leit, déi, deemno wat se als Bobo hunn, net wëssen dat an enger anerer Sprooch auszédrecken, esou dat et eis wichteg schéngt, dat virun allem am Gesondheitsberäich d'Besiche vu Sproochecoursé fir déi Leit, déi eis Sprooch net beherrschen, misst obligatoresch ginn.

Duerfir stéiert eis och eng vun deene Konditiounen, déi d'Leit mussen erfëllen, nämlech dat se mindestens musse bei engem Betrib während sechs Méint onënnerbrach beschäftegt sinn, ier se kënnen an déi Coursé goen. Do hätte mir léiwer gesinn, dat een an dem Gesondheitsberäich eng Obligatioun gemaach hätt vum Besuch vun deene Sproochecoursen an et hätt een do och dat direkt gemaach an et hätt een éischer gesot, bannent deenen éischte sechs Méint mussen déi Coursé besicht ginn, wéi dat een et fakultativ eréischt no sechs Méint erlaabt.

Ech hu gesot, dat ech déi Proposition, déi och scho Virriedner hei gemaach hunn, dat een dat Gesetz sollt no engem gewëssenen Zäitpunkt evaluéieren a kucken, wou seng Schwächte sinn oder seng Stärkte sinn, approuvéieren. Mä ech mengen, dat maache mer mat alle Gesetzer, souguer mat deene Gesetzer wou mer dat net hei soen, well mer iergendwéi op eemol no enger gewëssener Zäit feststellen, dat dat Gesetz muss reforméiert ginn; da reforméiere mer et. Mä hei sinn dann esou Gesetzer wou mer dat schonn am Viraus gäre géife festleeën.

Ech sinn awer iwwerzeegt dervun, dat dat heiten e gutt Gesetz ass an de richtege Wee uschneit. Och wann et eis net wäit genuch geet, stëmme mir dësem Gesetz awer zou.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Dann hunn ech nach hei als leschte Riedner agedroen den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Ech kann dem Här Braz nëmme Recht ginn, wann hie seet, dat hei ass en hallefhäerzegt Gesetz. Ech kann och seng Argumenter souguer matvertrieden. Ech hunn an der Kommissioun scho gesot, dass dat Gesetz hei hätt misse eng Ouverture maachen, net nëmme fir d'Lëtzebuurger Sprooch, mä fir och aner Sproochen.

Well hei maache mir e Gesetz fir e Congé linguistique fir eng Sprooch, déi weder an eiser Verfassung steet nach europäesch unerkannt ass. Dat ass emol e Fait. An da soe mer, d'Lëtzebuurger kënnen dann natierlech och Lëtzebuergesch léieren. Dat ass jo herrlech. Da kënnen mer dat och emol endlech. Mä op jidde Fall ass dat heite Gesetz net dat, wou een iwwert den Aarbechtsmaart sech kann integréieren.

Mir hunn an eise Sproochegesetz dräi Sprooch stoen, an et kéint een och do iwwert den Aarbechtsmaart e Wee fannen, andeem dass een d'Ouverture mécht op aner Sproochen, dass een och iwwert den Aarbechtsmaart, iwwert d'Sproochen aner Perspektive kritt fir eng Aarbechtsplaz ze schafen, ze fannen iwwert d'Sprooch. Mä meng Approche zu deem Ganzen ass méi wäit gaangen.

Meng Approche war vun Ufank un, an et ass scho länger, dass ech gesot hunn, mir hunn esou oft an elo nach ëmmer méi Betriber, déi Chômage technique maachen. Besonnesch am Bâtiment, wou jo awer déi Leit sinn, déi mer am meeschte viséieren, déi mer dann an de Chômage technique schécken, wou se 80% rémunéiert ginn.

Meng Approche war déi, scho länger, dass mer do sollen higoen a bei deene Leit, déi déi Zäit am Chômage technique sinn, d'Zäit notze fir d'Lëtzebuurger Sprooch ze léieren, dann anstatt 80% 100% ginn, fir se ze motivéieren, dass se a Coursé ginn, fir d'Lëtzebuurger Sprooch ze léieren. Dat war meng Approche.

Dat ass natierlech ofgewise ginn, well den Här Minister gemengt huet, et sollt een déi

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Den honorabelen Här Spautz huet eng gutt Propos gemaach, wat d'Motioun vum Här Etgen ubelaangt, an déi muss esou gutt gewiescht sinn, dass den Här Etgen se ugeholl huet. Wa mer da wëssen, wéi en Text dass mer ofstëmmen, da kënne mer direkt ofstëmmen. D'Verwaltung weess dat. Also, de ganzen Dispositif ass gestrach, mat Ausnahm vum éischte Saz. Très bien.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi relatif à l'introduction d'un congé linguistique;

- constatant que le projet sous rubrique ne prévoit pas d'évaluation de cette mesure;

- considérant la loi du 24 octobre 2007 portant création d'un congé individuel de formation qui prévoit dans son article 5 qu'un rapport d'évaluation sur la loi en question sera adressé au Gouvernement et à la Chambre des Députés;

invite le Gouvernement à

- faire dresser un rapport d'évaluation sur le projet en question endéans les cinq ans après l'entrée en vigueur de la présente loi.

(s.) Fernand Etgen, Eugène Berger, Charles Goerens, Alexandre Krieps, Carlo Wagner.

Kënne mer da par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Da maache mer dat.

Vote

Wien ass derfir? Wien ass dergéint?

Déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir intercaléieren dann hei an eisen Ordre du jour nach d'Question urgente vum honorabelen Här Braz. Den Här Innenminister ass hei fir op déi Fro ze äntworten. Den Här Braz huet seng Fro formuléiert a verzicht op d'Wuert. Här Innenminister, wat ass Är Äntwert op d'Fro?

5. Question urgente N°3089 de M. Félix Braz relative à la campagne d'information pour les ressortissants des pays membres de l'Union européenne concernant l'inscription sur les listes électorales en vue des élections européennes en juin 2009

» M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.- Ass dat déi Fro, déi d'Europa-wahle betrëfft?

» Plusieurs voix.- Wéi ass dann d'Fro?

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Entschëllegt. Fir déi Kolleegen, déi natierlech net onbedéngt musse wëssen, ëm wéi eng Fro dass et sech handelt: Et geet ëm déi Campagne vun der Regierung, fir d'Inscriptioun op den Europalëschten no deem neie Gesetz unzegoen. Op eng Question vu mir selwer virun e puer Méint war gesot ginn, soubal d'Gesetz en vigueur ass, géife mer direkt ufänken, ouni Zäit ze verléieren. Elo si mer scho bal Enn Januar, vill Zäit bleift net méi.

Dofir hat ech eng Fro un d'Regierung gestallt, wou déi Campagne elo dru wier a vu wéini un dass ee kéint am Konkrete mat

wéi engen Elementer vu Campagne rechnen, fir wéi gesot d'Leit ze encouragéieren, sech nach op d'Europalëschten anzedroen.

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Kuerz a prezis. Den Här Minister soll wann ech gelift och esou äntworten.

» M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.- Ech wollt dem Här Braz äntwerten, Här President, dass déi Campagne amgaangen ass. Net méi spéit wéi haut ass eng Circulaire erausgaangen un d'Gemengen. Ech hu se hei derbäi. Déi Circulaire ass ënnerschriwwe vum Innenminister, vum Familljeminister, vum Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration a vum President vum Syvicol.

» Plusieurs voix.- Uh, uh!

(Interruption)

» M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.- Dat heescht, d'Gemege kréien hei kloer matgedeelt, wéi d'Dispositioun fir d'Gemege sinn. Et gëtt och e Site, deen an där Circulaire drasteet, deen heescht www.europaforum.lu. Wann Der op www.etat.lu gitt, hutt Der direkt e Link op deen dote Site, a riets uewe braucht Der en nëmmen unzeklicken, da kritt Der all d'Detailer betreffend d'Europawahlen an d'Aschreiwe vun eisen auslännesche Matbierger.

Et sinn och esou Dépliantë wéi déi heite fäerdeg gedréckt, déi missten och elo an d'Gemege leie kommen. Italienesch, Franséisch, Portugisesch, Däitsch an Englesch, dat sinn d'Sproochen, an deenen déi Formulieren oder déi kleng Dokumenter hei gedréckt ginn. Da gëtt et och grouss Affichen, déi fäerdeg sinn an déi och dann am Émlaf sinn.

Dat heescht, Här Braz, mir sinn hei op enger Wellelängt, déi Campagne ass amgaangen.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

(Interruptions et hilarité)

Domadder ass déi Fro kuerz a bündeg an däitlech ofgeschloss. Ech soen dem Här Innenminister Merci, dass hie sech extra heihinner déplacéiert huet.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eise-m Ordre du jour vun haut den Owend - dat heescht u sech den zweetleschten; de leschte reservéiert Der mir -, de Projet de loi iwwert de Statut général des fonctionnaires communaux. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Roth.

6. 5893 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5893 setzt eng Rei vu Bestëmmungen aus dem leschte Gehälteraccord an der Fonction publique vum Juli 2007, dës Kéier fir d'Gemege-beamten, ëm. Konkret iwwerhuele mir an de Statut vun de Gemegebeamten dat, wat mir duerch e Gesetz am Dezember d'lescht Joer an de Statsbeamtestatut ageschriwwen hunn. Den Deputéierte-Kolleeg Paul-Henri Meyers war Rapporteur vun deem Gesetzesprojet, deen zu dësen Ëmännerungen an dem Statsbeamtestatut gefouert huet.

De Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, beinhalt insgesamt fënnef Punkten:...

» M. le Président.- Här Roth, de President vum Syvicol, mengen ech, wëllt lech eng Fro stellen.

» M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Neen.

(Interruptions)

» M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.- ...d'Astelle vun Experten als Gemege-beamten; d'Waardezäit tëschent zwou Promotiounen an dem sogenannte Cadre fermé, dat heescht an den ieweschte Grade vun enger Carrière; d'Aféiere vun dem

Congé individuel de formation fir d'Gemege-beamten; den Afloss vun dem Congé sans traitement an dem Congé fir mi-temps, déi vun engem Gemegebeamte virun dem 1. Juli 2003 geholl goufen, op d'Evolutioun vun hirer Carrière; an d'Ofschafe vun dem Recht op Réintegratioun an de Gemengen-déngscht fir verschidde Beamten.

Erlaabt mer kuerz e puer Ausféierungen zu dëse Punkten ze maachen.

Éischtens, e Gemengerot kann ënnert der bestehender Gesetzgebung Universitären als Expert am Regime vun dem Privat-beamte mat engem bestëmmte Gehalt bei enger Gemeng astellen. E Problem huet sech bis elo an eenzelne Fäll da gestallt, wann den Expert duerno sollt fonctionnariséiert ginn. De betreffende Beamten ass dann opgrond vun enger méi restriktiver Liesaart vun dem Gesetz an den Ufanks-grad vu senger Fonctionnairescarrière agestallt ginn, esou wéi wann hien eigentlech nei agestallt gi wier. D'Gehaltsentwécklung an d'Evolutioun vun der Carrière vun de Beamte war natierlech doduerch staark gebremst.

Mat der neuer Bestëmmung kann elo den Expert no engem Joer als Privatbeamte mat dem Accord vun dem Gemengerot an de Fonctionnairesstatut eriwuerwiesselen, an dat an e bestëmmte Grad vu senger neier Carrière, déi vun dem Gemengerot festgeluecht gëtt. D'betreffend Persoun huet esou keen Nodeel um Niveau vun hirer Gehaltsentwécklung. Dës nei Méiglechkeet vun enger einfacher Fonctionnarisation läit am Sënn vun enger méi grousser Mobilitéit tëschent privatem an öffentliche-m Secteur.

Zweetens, d'Waardezäit tëschent zwou Promotiounen am Cadre fermé. An der Regel muss e Gemegebeamten dräi Joer tëschent zwou Promotiounen am Cadre fermé, also an den ieweschte Grade vu senger Carrière waarden. Huet de Cadre fermé méi wéi dräi Graden, esou muss de Beamte véier Joer waarden, fir seng Promotioun vun dem virleschte Grad an de leschte Grad vu senger Carrière ze kréien. Heirënnen falen zum Beispill all d'Redakteren, déi bei der Gemeng beschäftigt sinn.

Dës Waardezäiten tëschent de Promotiounen ware bis elo an engem Règlement grand-ducal, dee modifizéiert gouf, vun 1964 iwwert d'Gehälter vun de Gemege-beamten ageschriwwen. Opgrond vun engem Uerteel vun dem Verwaltungs-gericht vum November 2008 gouf dëst groussherzoglecht Reglement op deem Punkt awer formell annulléiert, well de Stats-rot dozou am Virfeld keen Avis ofginn hat.

Fir Rechtssécherheet ze schafen, ginn dës Waardezäiten elo an d'Gesetz ageschriwwen. Dat, wat also elo an d'Gesetz ageschriwwe gëtt, ass näischt aneschtens wéi dat, wat virdrun am Règlement grand-ducal stoung. Entgéint deem, wat an deene leschten Deeg bei eenzelnen Deputéierten ugemellt gouf, ass et keng Benodeelegung vun der Situatioun wéi se bestanen huet am Kader vun dem Règlement grand-ducal.

D'Délaien, déi elo an d'Gesetz ageschriwwe ginn, suergen och fir e gewëssenen Équilibre um Niveau vun der Evolutioun vun de verschiddene Carrièren um Niveau vun de Gemegebeamten. D'Gesetz hält och e Parallelismus tëschent engersäits den Avancementer vun de Gemegebeamten an anerersäits de Statsbeamte fir déiselwecht Carrière fest, wat och am Sënn vun der Équitéit dee Moment ass.

Drëttens, de Gesetzesprojet féiert grad wéi beim Stat de Congé individuel de formation an. Detailler, wéi laang dëse Congé am Verlaf vun enger Carrière därer sinn, wéini a firwat hie geholl ka ginn, grad wéi all aner praktesch Modalitéiten, déi domat verbonne sinn, mussen grad wéi beim Stat iwwer e Règlement grand-ducal geregelt ginn. Mat dem Gesetzesprojet vun haut gëtt also elo just de Prinzip vun dësem Congé individuel de formation an de Statut vun de Gemege-beamten ageschriwwen.

Véiertens, de Congé fir Hallefdagsaarbecht oder de Congé fir mi-temps grad wéi de Congé sans traitement, déi virun dem 1. Juli 2003 vun engem Gemegebeamten, also och enger Gemegebeamtin geholl goufen, ginn an der Evolutioun vun der Carrière integral als Déngschtperiod mat aberé-echent. Dëst war eng Ofmaachung am Kader vun de leschte Gehälterverhandlungen am öffentliche-m Déngscht. Déi nei Bestëmmung ass fir déi Betreffen ee beträchtlechen Avantage. E spilt souwuel um Niveau vun dem Stat wéi elo och an dem Gemengesecteur.

Fënneftens a leschtens, dëse Gesetzesprojet schaaft eng Bestëmmung of, déi eréischt duerch e Gesetz vum 5. August 2006 an de Gemengestatut ageschriwwe gouf. Dës Bestëmmung hat Gemege-

beamtinnen e Recht op Réintegratioun ginn, déi virun 1984 bei enger Gemeng gekënnegt hu respektiv am Congé de maternité, engem Congé sans traitement oder engem Congé à mi-temps waren an hire Poste gekënnegt hunn, well se de Congé net verlängert kruten a sech awer ëm d'Erzéiung vun hire Kanner këmmere wollten.

Dës Bestëmmung gëtt elo erëm ofgeschaaft, well en Uerteel, dës Kéier vun dem Verfassungsgericht, festgehalten hat, dass dëst Recht op Réintegratioun géint de Gläichheetsprinzip géif verstoussen. Vun dësem Recht konnten nämlech nëmme Beamtinne Gebrauch maachen, déi virun dem 1. Januar 1984 demissionéiert haten, an dat Recht huet net gegollt fir déi Beamten, déi no dem 1. Januar 1984 demissionéiert haten.

Här President, dëst ass ee relativ tech-nesche Gesetzesprojet, deen an der Praxis awer eng ganz Rei Bierger trotzdeem betrëfft. De Projet de loi gouf déposéiert vun dem Innenminister den 11. Juni 2008. En ass ouni weider Kritike vun dem Statsrot aviséiert ginn den 11. November 2008. D'Beruffschamber vun dem öffentliche-m Déngscht huet hiren Avis dozou den 11. Juli 2008 gemaach. D'Intérieurskommissioun huet de schrëftleche Bericht zu dësem Projet eestëmmeg den 13. Januar ugeholl. Si recommandéiert dëse Gesetzesprojet ze stëmmen. Als CSV-Fraktioun maache mir dat, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschten.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Roth, fir deen explizite Bericht. Ech weess net, ob nach een eppes bäifüge wëllt.

(Interruption)

Ah pardon, den Här Etgen huet d'Wuert.

Discussion générale

» M. Fernand Etgen (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just e puer Wuert zu dësem Projet ze soen,...

(Hilarité générale)

...mat deem d'Fraktioun vun der Demokra-tescher Partei bal zu alle Punkten hiren Accord ka ginn. Ech wëll just e puer Punkte positiv a wuelgemierkt zu dësem Projet ervirhiewen...

(Hilarité générale)

» M. le Président.- Ech géif bieden opzehale mat laachen! Den Här Etgen weess net, wat de Problem ass. Dofir ass et och net fein, wa mer elo laachen.

» M. Fernand Etgen (DP).- Ma da sot mer et!

» M. le Président.- Här Etgen, fuert Dir roueg virun!

» Une voix.- Den Här Etgen léisst sech net vu senger Linn ofbréngen.

» M. le Président.- Voilà.

» M. Fernand Etgen (DP).- Neen. Effektiv wëll ech mech net vu menger Linn ofbréngle looschen an e puer positiv Punkte vun dësem Projet extra ervirhiewen. Ech mengen, dank dichtege Gemengen- a Syndikatsbeamten an Techniker an och dank gutt organiséierten, biergerfrëndlech orientéierte Servicer fonctionnéieren eis Gemege gutt. Dat soll och an der Zukunft esou sinn. Duerfir begréisste mer déi gesetzlech Präzisiounen an dee méi fle-xibele Mechanismus, fir sougenannt Ex-perten a Spezialiste mat akademescher Formatioun als Privatbeamten anzustellen, mat der Méiglechkeet, se no engem Joer als Fonctionnaire ze nominéieren. Dat erlaabt et de Gemengen als Service-provider, eng Topqualitéit ze garantéieren.

Sympathesch och d'Prézisioun, datt do, wou et keng Fonctionnairen an där be-treffender Carrière gëtt, esou Leit net an den Hors-Kader klasséiert ginn, wat be-sonnesch fir déi kleng Gemengen hält kënnen zum Nodeel sinn, wa mer dat net an d'Gesetz ageschriwwen hätten.

Ech mengen och, datt d'Komplexitéit an d'Diversitéit vun de Gemengendossieren d'Aféiere vun engem Congé de formation grad am Gemengesecteur verlaangt. Dat ass nieft deene ville spezielle Congéen, déi mer schonn hunn, eng iwwerfällleg Mesure.

All aner Punkte goufe prezis vum Rap-porteur duergeluecht, bréngen de Paralle-lismus zur Fonction publique, an duerfir Félicitatiounen an een oprichtige Merci un de Rapporteur, den Här Gilles Roth, fir säi prezise Rapport.